

# De Plädoyer

Hie wéckelt d'Zigar aus dem Sëlwerpabeier, hält s'un de Briquet, fëmmt se mat dräi déiwe Sträpp un, dréckt op de Radiosknäppchen, dréit d'Fenster eng Handbreet rof a léisst de Motor uspringen. De Gurt streikt schon nees eng Kéier, da kann dee bleiwen, wou en as. Hie kuckt an de Réckspigel, léisst nach e Péggy laanscht, deen him duurch de „sens interdit“ entgéintkënn, setzt zrëckuetesch an as da gläich an der Bunn fir raus.

Op där lénker rullen di normal Parker Meter fir Meter no vir, fir an d'Kees. Se stauen sech bestëmmt zrëck bis op den zweete Stack; dat as em des Auer ëmmer sou.

Den Automat schléckt séng Kaart, hie wénkt dem Mann lénks an der Kees, d'Barrière geet op, hien as dobaussen.

T reent. D'Avenue as verstoppt, hie kënn nët gläich an d'Strooss ran. Hien dréit d'Fenster bis op e Fanger breet zou a mécht d'Gebléis un.

Déi am Radio sin op Drot; 't as lo jhust eng hallef Stonn hir, datt hien am Gemengerot iwwert den ëffentleche Persounenverkéier geschwat huet, a flang sin déi well mat engem Résümé do. E gudde Résümé, tipp topp! D'Fensteren lafen nawell un.

Hien zitt un der Zigar. D'Sëtzong war mat Zäit aus, well déi aus dem Schafferot mussen nach op eng Receptioun. Dann as hien och mat Zäit am Supermarché fir d'Freideskommissiounen.

Hie kënn nëmme lues virun. T läit um Schantchen, dohannen op der Kräizong. Wéi soll d'Stad och mat hire Schantercher virukommen, bei deem Koup Blech, deen all Dag duurch d'Stad wenzelt! Näscht géint d'Auslänner, mä 't gin der einfach zevill. Bal all drëtten Auto! A vun deenen all zweeten e Belsch! Kee Wonner, déi schaffen all hei. Oder se kommen no hire Konten op de Banke kucken.

Mä fuere kënnen se nët. T misst mol ee vun eis sech sou zu Bréissel opféieren! Scho méi wéi eng Kéier stoung ee mat enger roudler Plack op sénger reservéierter Plaz. An direkt vir am Agank huelen se sech d'Invalidplazen. Méi affrontéiert geet et nët. T kann him jo egal sin, hien huet séng Plaz, mä 't mécht een awer rosen.

Heinsdo fueren se seguer op sénger Abonnentespuer fir ran, an da quetschen se sech am leschten Ablack gären an d'Schlaang; wann s'all di blöd Lëtzebuurger op der Normalspuer iwwerholl hun. „Mon œil!“, déi loosse se da meeschtens nët ran, déi si jo nët op d'Nues gefall. An da stin se do, mä da kënn hien op sénger Spuer och nët virun.

T sin och nach ëmmer zevill där Berufspendler an de Parkingen. En huet dat éineschter och nach gesot. D'Busse si jo lo besser organiséiert, an d'Opfänkparking grous genuch. T misst een d'Parkhaiser am Kär nach eng Kéier méi deier man, soss déngt et dach näscht.

Hien dréit dem RTL-Speaker den Hals em a léisst en CD ulafen. Da's dach eppes aneshtes, wéi di al Kassetten! Bei sou Musek verdréit een seguer e sténkechen Aarbechterbus virum Capot. A, 't as och nach en normale Bus virun deem. Dee fiert lo mol op d'Säit bei e Bushaischen.

D'Leit stin do mat Präbblien. T misst een di Haisercher och alt méi grouss man, wann der nach méi mam Bus solle fueren. T reent jo dach bal ëmmer bei eis. Wat as dat eng Musek! T geet dach näscht iwver déi classesch!

Natierlech missten d'Busse selwer nach méi attraktiv gemaach gin. T geet nët duer, datt ee mueres op den Opfänkparkingeng Zeidong kritt. D'lescht huet een sech bei him beschwéiert, datt de Schofer fir d'Vrecken den RTL nët wollt opdréien, fir d'Noriichten. Dat geet dach nët, d'Leit hun en Urecht op d'Informatioun, och am Bus!

Mä d'Fëmmen an de Bussen, dat muss verbuede bleiwen, wuer kéime mer dann do hin? Se verbidden et jo och well an de Flijeeren! D'ëffentleche Gesondheet geet vir. T geet schon duer, datt de Wanter Jänni a Männi d'Gripp an de Bus raschleeft.

Hien as frou, datt keen him a séngem eejenen Auto op d'Nerve goë kann. T misst een nach e private Schofer hun, sou wéi d'Ministeren. Datt een hannen am Auto séng Zigar fëmme kënn oder en Dossier stodéieren.

Hie geheit den Zigarestomp duurch de Splack vun der Fëenster.

Wat leeft déi dann lo nach jhust viru séngem Auto iwwert den Zebra? Déi huet dach rout! Natierlech, wann een eng Epiceries-Tut vun engem Meter virun der Binette huet! Lo war d'Tutsch och nach bal an den opgerappte Gruef gefall! Huet déi dat rout-wäisst Bändchen dann nët gesinn? Se soll sech mol de Reen aus dem Brëll wëschen!

Oder, s'as voll! T gët där Fraleit jo méi, wéi ee mengt. Se wäerd jo alt e Bus huelen, do kann se sou voll sin, wéi se wëllt. Dat huet en och a séngem Plädoyer gesot: Och do gëlt: „De Patt an Éiren, mä looss dech féieren!“ D'Virdeeler vun Bus sin einfach nët

genuch bekannt. Kee Problem, fir mueres em eef op den Apéritiv ze gon, oder em fënnf: „De Bus as um Dill, trotz dénge Promille!“, sou e Slogan sollt een och mol lan-céieren.

Wat tut di Ambulanz dann hannendrun wéi geckeg? Wéi wann et doduurch méi séier géing! T sin der einfach zevill an de Féiss, hei kanns de mol nët op d'Säit fueren. Gëff dech dach!

A, lo rullt et! Da fuer nëmme laanscht, Dabo! Ech wetten, du hues mol keen dra leien. Kënn de nët mat Zäit genuch op de Patt, wéi?! Merde, jo: D'Fra sot nach, vergiess de Cajot Béier nët! T as gutt, datt een eng anständig Malle huet. Déi vun viregten Auto war mat dräi Kartongskëschte scho strupevoll.

De Pol huet am Gemengerot gemengt, 't misst een den Tram bis rop bei de Supermarché leën. Näscht géint den Tram, dat huet hien och gesot; an dann de Stadkär eng eenzeg Foussgängerzon; alles raus, kee Blech méi a kee Gestank!

Hie muss mol mam Rosch schwetzen, vläicht dréckt deen em séng Ried ganz an der Zeidong of. Wann en lo akaaft huet, gët nach een an der Buvette am Hall geholl. Da kann en driwwer nodenken, 't kënn him bestëmmt nach déi eng oder aner Iddi.

Muer fiert e souwisou méi spéit op de Büro. En huet rausfond, wann een eng Stonn méi spéit doheem fortfiert, da gewënnt ee séier eng hallef Stonn rëm, well dann dee meeschte Verkéier ran an d'Stad as. Di Schlaange mueres man ee souwisou geckeg; 't kënn een nach am beschten op der Busspuer virun.

A, maja! D'Leit kënn jo och méi mam Zuch fueren; scho leng wéinst deenen hirem Defizit! Dat seet en dem Rosch och nach. Dee kann dat alles jo vläicht a Form vun Interview maachen, mat Foto. En hat well wéi laang kee méi an der Zeidong.

E geet awer och nach op den éischte Stack an de Plackebuttek. D'„Carmina Burana“ op CD, dat muss am Auto iwver Stereo e Genoss sin.

josy braun

